



Beckett 100 - Froen un de Guy Wagner

„Mir sinn dach net am Gaang, eppes ze ... ze ... bedeiten?“

Virun honnert Joer gouf de Samuel Beckett gebuer. Grond genuch, fir

hien ze éieren - mat enger Opféierung vun *Endspill* op Lëtzebuergesch am Escher Theater, an der Presentatioun am Café Ubu vun der lëtzebuergescher Iwwersetzung vum Beckett seng franséischsproochege Stécker.

Mir hunn eis mam Guy Wagner iwwert déi interessantst Aspekter vun dëser Iwwersetzung a seng Faszinatioun fir dem Beckett seng Wierker ënnerhalen.

k.: Guy, zanter Joerzénge beschäftegs du dech mam Samuel Beckett a sengem Wierk, an du bass an der Tëschenzäit dee gréisste Beckett-Spezialist, dee mer am Land hunn. Haut den Owend stells de, nom Erfolleg vun dengem *Frère Mozart*, no der internationaler Resonanz vum denger Theodorakis-Biographie an dengem präisgekréinte Buch iwwert d'Liewe vum Franz Schubert, *Winterreise. Roman*, am Café Ubu am Escher Theater eng nei Publikatioun vir: e Band mat der lëtzebuergescher Iwwersetzung vun deene Stécker, déi de Samuel Beckett op Franséisch geschriwwen huet. Geplangt ass och en zweete Band mat der Iwwersetzung vum Beckett sengen englesche Stécker, mä do gétt et de Moment nach Problemer mat de Rechter.

G.W.: Dës Iwwersetzungen sinn e weideren Hommage un e grouse Mënsch, dee mer vill bedeit an a mengem Liewen an Denken eng wichteg Roll spillt. Et ass nun eemol sou, datt ech, wann ech ee gär hunn, méiglechst vill num em gewuer wëll ginn, fir méiglechst no un hien erun ze kommen. Dat war beim Beckett net anescht, wéi bei deene Museker, déi s de opgezielt hues, oder beim Greene, beim Camus, beim Böll, mee och beim Dürrenmatt a beim Heiner Müller, déi ech esouguer nach konnt op Esch an den Theater invitéieren.

De Beckett begleet mäi Liewen zanter 35 Joer. Wat e mer bedeit, hat ech him geschriwwen, wourop e mer ganz léif geäntwert a mer d'Méiglechkeet ginn huet, an den Editions de Minuit, beim Jérôme Lindon, den Typoskript vun *Eleutheria* ze studéieren: e Wierk, dat bis dohi vläicht eng zéng Leit op der Welt gelies haten. Als Anekdot: de Jérôme Lindon hat mer deemols verzielt, datt et méi Bicher iwwert dem Beckett seng Roman-Trilogie gouf, wéi hien Exemplaren dervu verkaaft hat. Knäipen ass ebe méi einfach wéi selwer sichen.

Et war do selbstverständlech, datt ech meng „These“ iwwert de Beckett geschriwwen hunn, an dofir hunn ech zimlech alles gesammelt a gelies, wat et iwwer hie gouf. Ech géif mech awer net als dee gréisste Beckett-Spezialist hei am Land bezeichnen, just als een, dee sech mam Beckett sengem groussaartege Wierk enk verbonne fillt.

k.: Den Datum vun denger Publikatioun ass natierlech keen Zoufall: op Karfreideg, den 13. Abrëll 1906, koom de Beckett op d'Welt. Mir feieren also den 100. Gebuertsdag vun engem Auteur, fir deen d'Gebuert, d'Erausgouss-Ginn an d'Welt, ee vun deenen existentiell traumateschste Momenter vum Liewen ass - eng Ironie, déi him selwer wahrscheinlech gefall hätt.

G.W.: Genee. A säin 100. Gebuertsdag fällt op Gréngendonneschdeg. Dat ass och schonn erëm e Stéck vun där Ironie, déi hien sou gär hat.

k.: Parallel zu denger Publikatioun produzéiert den Escher Theater dem Beckett säi Stéck *Endspill* an denger Iwwersetzung, eng Produktioun, déi muer den Owend, also genee op den Dag vum Beckett sengem 100. Gebuertsdag, Première huet.

G.W.: Doriwuer sinn ech am meeschte frou. Dës Produktioun verspricht e ganz neie Bléck op de Beckett duerch dem Charles Muller seng ganz mënschlech Inszenéierung, duerch dat originell an déif duerchduechtend Bühngebild vum Anouk Schiltz an duerch e Quartett vun Akteuren - Claude Mangen, Jules Werner, Max Pütz an Annette Schlechter -, déi sech op eng ganz perséinlech an originell Manéier mam Geescht, mam Stil a mat der Sprooch vum Beckett auserneegesat hunn.

k.: Wat ass fir dech inhaltlech déi gréisst Faszinatioun vum Beckett sengem Theater, wat ass dat, wat dech zanter Jore motivéiert, esou enorm vill

Aarbecht an esou e formidablen Effort an d'Wierk vun dësem iresche Schrëftsteller z'investéieren?

G.W.: Et ass fir d'alleréischst dee wonnerbare Mënsch Beckett an dann dat, wat hien eis ginn huet: eng Visioun vun der Welt a vum Liewen, déi sou originell an esou eenzegaarteg ass, wéi kaum eng zweet. Eng erzieleresch Prosa an en Theater wéi déi vum Beckett gouf et bis dohin nach net.

Auteurs wéi de Camus an de Sartre hate kuerz virun him a parallel zu him d'mënschlech Existenz, d'Absurditéit vum - wéi s de richtig sees - Erausgouss-Ginn an d'Welt zum Thema vun hirem Schreiwemaach, och am Theater, mä d'Forme vun hirem Theater ware konventionell bliwwen. De Beckett awer huet d'Form dem Inhalt ugepasst. Hien huet dësen Themen déi bildhaft a visionär Verwierklechung ginn, déi eis Konzeptioun vu Literatur an Theater radikal verännert huet. Et gétt en Theater virum Beckett an een nom Beckett. Dofir heescht et och an der Begrënnung fir säin Nobelpräis am Joer 1969: „for his writing, which - in new forms for the novel and drama - in the destitution of modern man acquires its elevation.“

k.: Dem Beckett säin Theater zitt seng Bedeitung awer net nëmmen aus dem Inhalt, mä och aus senger Form a vrun allem aus senger Sprooch ...

G.W.: Richtig. Dem Beckett seng Sprooch ass eenzegaarteg.

Si berout engersäits op engem aussergewéinleche philologeschen a literareschen Wëssen, mat Referenzen op all Epoch vun der Geschicht, anerersäits op engem ongewéinlech räiche Wuertschaz am Engleschen an am Franséischen.

1. 3. 24

Cher Monsieur
 merci de votre lettre.
 Je n'avais ma réponse
 et me permet de vous le
 continuer - celui-ci sera
 ce qui est peu ou rien d'un
 autre ou peu de la même
 façon me touche beaucoup
 et je vous en remercie
 et en l'avenir dit.
 Je vous envoie avec son plaisir
 et son courage si vous priez de
 avoir, cher monsieur, et mes
 sentiments très cordiaux.
 Samuel Beckett

Eng Carte-lettre vum Samuel Beckett fir de Guy Wagner



Dëse Räichtum steet ganz am Déngscht vun deem, wat hie soen an duerstelle wëllt. Do ass näischt zevill, am Géigendeel, hien zeechent sech besonnesch duerch d'Askees aus, där en d'Sprooch ënnerwërft.

k.: Du hues esouwuel dem Beckett seng franséisch wéi seng englesch Stécker iwwersat, d.h. also aus zwou Sproochen an d'Lëtzebuergesch iwwerdroen, déi allebéid immens kondenséiert sinn an et erlaben, op engem héijen intellektuell-abstrakten Niveau mat komplexen Iddien an Aussoen ze jongléieren. Lëtzebuergesch ass dogéint eng ausgesprochen „verbal“ Sprooch, déi bestëmmt Ausdréck net gebraucht, mä se mat enger verbaler Tournoure ëmschreift. Wéi hues du de Widderstand geléist, fir engersäits – wéi dat sech fir e gewëssenhafte Literaturwëssenschaftler gehéiert – d'Original méiglechst genee ze respektéieren, op där anerer Säit awer eiser Sprooch mat hiren Egenaarten an hirer besonnescher Atmosphär trei ze bleiwen?

G.W.: Wéi s de richteg sees: kondenséiert, intellektuell-abstrakt, a, wéi ech gemengt hunn: asketesesch, – dat sinn d'Charakteristike vum Beckett senger Sprooch. Mee 't muss ee feststellen, datt e ganz anescht a senger Mammesprooch, dem Engleschen, doheem ass, wéi am Franséischen ⁽¹⁾. Dat war jo och de Grond, firwat en op Franséisch iwwergewieselt huet. Wéi s de och ganz richteg sees, ass Lëtzebuergesch eng „verbal“ Sprooch, déi ëmschreift, virun allem, well eis abstrakt Begrëffer feelen. D'Iwwersetzungen waren dofir eppes, wéi um Seel goen. Gott sei Dank ass dem Beckett seng Sprooch net zevill „abstrakt“, dofir

voller Biller, – déi dann awer vun enger Sprooch zur anerer änneren: eng weider Gefor. Fir dem Beckett méiglechst trei ze bleiwen, hunn ech dofir och seng eegen Iwwersetzung vun där enger an déi aner Sprooch ganz genee studiert an donieft d'Iwwersetzungen op Däitsch vum Elmar an Erika Tophoven, déi an Zesummenaarbecht mat him entstanen sinn. Dës dreifach Liesung war souzesoen d'Netz ënnert dem Seel, fir de Fall, wou ech riskéiert hätt, erfroze fallen. Natierlech war d'Ariel, meng Fra, als Englännerin, déi beschtens doheem ass an der Literatur, mer déi gréissten Hëllef. Dat huet awer net verhënnert, datt ech dacks stonnelaang nëmmen iwwer enger Tournoure, engem Saz, engem Bild gebuckt hunn, ëmsou méi, well de Rhythmus am Beckett senger Sprooch eng besonnesch Wichtigkeet huet, an ech deen onbedéngt hu misse respektéieren. Dofir huet et och siwe Joer gedauert, bis ech déi 14 Iwwersetzungen fäerdeg hat.

Dertëschent gouf et dann nach de *kulturrissimo*, d'franséisch Versioun vun der Theodorakis-Biographie, déi erweidert zweet Oplo vu *Brüder Mozart* op Däitsch, déi dräi Kuerzgeschichten, déi elo an der „Galerie“ erauskomm sinn, a virun allem de Schubert-Roman. Wann dee mer zevill zougesat huet, hunn ech mech alt erëm hannert de Beckett gesat: déi zwou Welte sinn net esou wäit auserneen, an de Schubert war dem Beckett säi léifste Komponist.

Hie sot: „*Schubert's music is the closest thing to pure spirit you could ever find*“ ⁽²⁾. Zum Schluss vu *Wat wou* heescht et: „*t ass Wanter. / Ouni Rees*“: eng direkt Allusioun op d'*Winterreise*.

k.: Dem Beckett seng Texter si voller Wuertspillereien, awer och z.B. geographeschen Uspillungen. Wéi hues du versicht, dësen Aspekt an denger Iwwersetzung an de Grëff ze kréien?

G.W.: D'Wuertspillereie sinn erstaunlech gutt eriwuerkomm, well eis Sprooch sech beschtens dofir eegent. Wéi mer am Escher Theater déi éischt Liesprouf fir *Endspill* haten, hu mer heiansdo gebrëllt vu Laachen. Wat déi geographesch Uspillungen ugeet, hunn ech se nëmmen do op eis Landkaart eriwuer geholl, wou de Beckett an den Tophoven et och maachen. Am anere Fall sinn d'Hiweiser bliwwen wéi am Original.

k.: Opgrond vun denger Aarbecht kënnen eis Theatergruppen an Zukunft de Beckett op Lëtzebuergesch spillen. Gëtt et doriwwer eraus nach en anert Zilpublikum, dat s de erreche wëlls? Ech denken dobäi zum Beispill och un déi komplett Bibliographie um Enn vum Buch.

G.W.: Ech géif mer vun Häerze wënschen, datt s'et géife maachen, an déi Responsabel géif ech gär zu Esch begrëssen, fir hinnen ze weisen, datt de Beckett op Lëtzebuergesch besonnesch „echte“ Beckett ass. Et goug mer awer och drëm, däitlech ze maachen, wat

d'Lëtzebuerg Sprooch kann an zu wat se sech eegent. Dat dierft fir Philologen oder Literaturstudenten interessant sinn. Dofir och déi enorm Bibliographie, déi ech a laange Méint zesummegehallt hunn an déi wuel déi komplett dierft sinn, déi et zur Zäit gëtt. Och dat kann deem engen oder aneren, dee sech mat Beckett ausenaner setze wëllt, virun hëllef.

k.: Deng Iwwersetzung vun den englesche Stécker vum Beckett ass fäerdeg a waart drop, och gedréckt ze ginn. Wéi gesäis du d'Chancen, datt s de d'Rechter trotzdem nach kriss, well d'Situation, esou wéi se de Moment ass, muss dach extrem frustrant fir en Iwwersetzer sinn. A schéngt mer och net am Interêt vum Beckett ze sinn ...

G.W.: 't ass sécher net am Interêt vum Beckett, mä déi Herrschaften an England, déi iwwer d'Schicksal vum Beckett sengem Wierk entscheeden, hu méi mat enger „finanzieller Interessengemeinschaft“ ze dinn, wéi mat dem Déngscht um Wierk vun engem vun de gréissten Auteurs vum 20. Joerhonnert.

Ech gi mech op alle Fall net geschloen an hoffen, datt ech enges Daags déi aner Wierker dach nach erausgi kann. Et sief awer gesot, datt ech an éischer Linn net un eng Publikatioun geduecht hat, mä d'Stécker iwwersat hunn aus Freed un de Stécker an un der Iwwersetzung. A wann ee vun eise Regisseure gären e Wierk hätt, dat nach net publizéiert ass – *Dat lescht Band, Glécklech Deeg, Spill, Kommen a goen, Net ech, Deemoons, Trëtt, Monolog, Rockaby, Ohio Impromptu* –, schécken ech him et. D'Opféierungs- an d'Iwwersetzungsrechter si souwisou zwou verschidde Saa-chen.

k.: Guy, zum Ofschluss nach e puer technesch Detailler iwwert d'Beckett-Produktioun vum Escher Theater an iwwert deng nei Publikatioun.

G.W.: D'Produktioun fir den 100. Gebuertsdag vum Beckett ass am Joer, wou Esch 100 Joer Stad ass: e schéint Zesumentreffen! Si gëtt ënnerstëtzt vun den „*Amis du Théâtre d'Esch*“. *Endspill* gëtt den 13., 22. an 23. Abrëll am Escher Theater, an den 13. a 14. Juni am „*Théâtre National*“ opgefouert.

Samuel Beckett: *Theater*, ass d'Iwwersetzung vu véier Stécker – deenen zwee éischen an deenen zwee leschten: *Waarden op de Godot*, *Endspill*, *Katastroph*, *Wat wou*. Am Buch ass och, wéi ernimmt, eng komplett Bibliographie mat alle Sonnerausgaben an -dréck. Et huet 192 Säiten a kascht 18 Euro, ISBN: 2-87962-210-7. Et ass an de Librairien a bei éditions *phi* ze kréien.

Interview: Josiane Kartheiser

-> (1) cf. S.19

(2) in: James and Elizabeth Knowlson (ed.): *Beckett Remembering. Remembering Beckett*. Arcade 2006, S.252